

---

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 14/11/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.**

A menger [parlamentarescher Fro vum n°5902](#) wollt ech vum Minister wëssen, ob et wouer dass, dass Flüchtlinge bei hierer Ukonft zu Lëtzebuerg et verbuet kréien, fir hier Hausdéiere mat an d'Flüchtlingsfoyeren ze huelen. De Minister hat deemools Folgendes dorobber geäntwert:

***"An dëser Structure d'hébergement d'urgence Kirchberg (SHUK) ass eng designéiert Plaz ageriicht mat Déiere-Boxen, wou de geflüchte Leit hir Déierekënnen ënnerbruecht ginn. D'Inspection vétérinaire kennt emol an der Woch an d'SHUK fir all d'Déieren ze chippen, ze impfen an z'entwuermen. Aktuell sinn all d'Leit déi Déiere matbruecht hunn an der SHUK logéiert, mat e puer Eenzelfäll nach op engem anere Site, sou dass si sech net hu misse vun hiren Déieren trennen."***

An engem Post op de soziale Medie vun enger Déiereschutzorganisatioun ass awer lo Folgendes ze liesen:

***"Seid en Doneschten acceptéiert d'ONA keng Déiere méi an där Struktur um Kierchbiereg wou d'Flüchtlinge als éischt ënnerkommen. Ganz schwéier ze verstoen an och net ze acceptéieren. Am Mäerz, wéi di éischt Flüchtlinge mat Déiere bei eis an d'Land koume war dat effektiv eng ganz nei Situatioun wou organisatoresch ganz sécher eng Erausforderung war. Dat ass awer lo iwwert 8 Méint hir, sou dass een eigentlech misst kënnen erwaarden dass dat méttlerweil keen Thema méi dierft sinn. [sic]"***

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass keng Déieren méi an der SHUK akzeptéiert ginn? Falls jo, zënter wéini gëllt dëst Verbuet a wat ass de Grond dovunner?
2. Wat huet zënter der Äntwert vum Minister am Mäerz geännert, déi dëst Verbuet rechtfäerdeg?
3. Wat geschitt mat den Déieren, déi vun hiege Proprietäre getrennt ginn?

Kann de Minsiter versécheren, dass d'Déieren net wäerten ageschléiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

A thin vertical line used as a separator between the salutation and the name.

GOERGEN Marc  
Deputéierten